N° 6419
Reçue le 29.06.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 29.06.2022

Lëtzebuerg, den 29. Juni 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an un d'Madamm Inneministesch weiderzeleeden:

„Eng vun de Konsequenze vum Klimawandel ass, dass wéinst de méi héijen Temperaturen a verlängerten Drécheperioden de Risiko vu Bëschbränn an d'Luucht geet.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an der Madamm Inneministesch folgend Froe stellen:

- *Wéi vill Bëschbränn goufen an de Joren 2001-2021 hei zu Lëtzebuerg gezielt?*
- *Wat fir Regioune vum Land a wat fir e Genre vu Bësch si besonnesch betraff?*
- *Wéi vill Hektar Bësch si jeeweils bei dëse Bränn zerstéiert ginn?*
- *Wéi preparéiert sech de CGDIS fir Bëschbränn, déi an Zukunft méi dacks kéinten optrieden, ze bekämpfen?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten